DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 11.September 2020

Monsieur Fernand ETGEN

Président de la Chambre des Députés

LUXEMBOURG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Sportminister weiderzeleeden:

„Fir déi beschtméiglech Betreiung z'assuréieren ass a ville Sportaarten den direkte Kontakt mam Sportler néideg.

Esouwuel fir de Seniors-, wéi och fir de Jugendberäich stellt sech dowéinst d'Fro, ob d'Traineren sech net sollte kënnen op de COVID-19 teste loossen .

Aus dësem Grond wëlle mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Sportminister riichten:

- *Kënnen d'Federatiounen an/oder d'Veräiner hir Traineren op de COVID-19 teste loossen ?*
- *Ginn et Mindestufuerderungen dass eng Federatioun oder e Veräin dierf eng Persoun an e COVID19-Test schécken ?*
- *Ass d'Regierung gewëllt d'Fraisen vun dëse preventiven Tester am Sportberäich z'iwwerhuelen ?“*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert